Speerschlaider

klood pirsch

August 2013



Hei ass eng Zeechnung vum Baden Powell wou en een Aboriginie mat engem Woomera "Sperschleider" gezeechent huet.

Waat as eng Speerschlaider ?

Wei den Numm et schonn seet, een Speer den duerch een verlängerten Arem geschlaidert gett. Am Prinzip ganz einfach, an awer muss en e puer Sachen am Vierfeld wessen.

D'Speerschlaider gouf vun villen verschideene Naturvölker benotzt: Azteeken, Aboriginies, Neuguinea, Indianer, an och bei eis huet den Uerzaitmensch bestemmt sain Iessen mat enger Speerschleider geschoss.

Den Vierdeel ass, wann en den eichten Speer geschoss huet, ganz kloer, den Daart kritt duerch d'Hiewelwierkung mei eng grouss Duerchschlagskraaft, kann mei Wait geschoss ginn. Et brauch en sech also nett sou noo un en Deier "erunzepirschen".

Sou een Speer kann awer och ganz kloer als Waff agesaat ginn, an ass dementspriechent richtech gefeierlech wann en ouni **Verantwortung** gomadden scheisst.

Material:

Den Daart:

Den Daart oder Speer ass een laangen dennen **Holzstaf** den hannen mat Plommen besaat ass an vir mat enger Spetzt.

Den Dartschaft an d'Schleider den ass bei eis am bäschten aus Hieselter ze maachen, dei fresch Schess sinn zimlech riicht sollen sou grouss sin wei een selwer sinn, nett ze deck an nett ze denn (sou deck wei een Fanger)

Plommen kritt een natierchen am Internet ze kaafen, wann en awer flaicht en kennt den Gänsen huet, an dei ginn geschluecht dann kann en sech puer Plommen vum engem Flilleck froen. Et brauch een 3 Plommen dei ma bäschten vum rietsen Flilleek, oder 3 vum lenken Flilek kommen.

Biirkenpech

D' Plommen pechen mer mat **Biirkenpech**. Ett geet natierlech och normalen **Sekundenkleeber** oder **Kontaktkleber**.

En **Zwiir** aus kotteng fir d'Plommen festzebannen.

En **Schnetzmesser** oder **Täschenmesser**, **Schlaifpabeier**, an eng 1 **Hellefkescht** ass och net schlecht.

an schonn kann et lass goen.

Spetzt kann en aus Horn hierstellen, Renndeiergewei kritt enn och am Internet ze bestellen. Eng Um Feier gehärten Spetz mach et awer och, et well enn jo schliesslech keen Deier erleeen.

Schrett fir Schrett:

1. Et geet en sech en Nessert schneiden, den sou grouss wei een selwer ass, an sou deck wei den Mettelfanger. Bei deen gett dann mam Täschemmesser d'Schuel eroofgeholl an propper oofgeschnidden.

Wann neidech muss en den Daart riichten, an daat keet am däschten iwert dem Feier.

En Feier mat vill Glouss maachen, den Daart mat der Krommer stell driwerhaalen, an wann en waarem genuch ass um Knei beien. Dat gett sou laang gemaach bis den Daart riicht ass.

<u>Alternative:</u> Et kann en ocheng laang Dübelstaang kaafen goen, dei soll awer sou riicht wei meiglech sinn, an eng fortlaafend Maserung hunn. Dest ass wichtech dat den Dart nett brecht.



2. D'Schleider hierstellen.

Hei hellt een am bäschten en kromm gewuessenen Aascht den flaicht eng garfelung huet. desen Schnetz n dann wei op den Biller

En Steck vun engem Gewei, eng Scank, oder en Haart steck Holz kann och op d'Moos geschnetzt,gefeilt oder geschlaff ginn an hannen op d'Schleider befestecht gin,

3. Den Daart gett prepareiert.

Fir dat hannen d'Spetzt vun der Schleider an den Daart kann erangoen muss en mat engem spatzen Messer en lach bueren.

D'Spetzt gett geschnetzt an wann en Well mat enger Hornspetzt besaat.

Daat ganzt gett dann mat Hanf (kritt en och am Geschäft, gett geholl fir Reier oofzedichten) an Holzlaim festgepecht an emweckelt

4. D'Plommen ginn gespleckt an op den Dart gepecht.

D'Plommen kann en mat engem scharfen Messer ganz einfach splecken. et muss en d'Messer mat der Spetz vir osetzen an no hannen schneiden. des gett dann mat e bessen Schlaifpabeier ugeraut an riichtgeschlaff. hei hannenn d'Fieder zwechent 2 Stecker Hloz klemmen an iwert den Paberier reiwen, oder et hellt en en aalen Meeter an d'Klemmet en d'plomm doranner.

d'Plommen ginn dann am Wenkel vun 120Grat op den Dart gepecht.

Ass den Pech gedrechent kann en dei nach emweckelen an sou d'Plommen mei fest un den Daart bannen. Gesait och mei schein aus.

D'Plommen nach mat enger scharfer Scheier op d'moos schneiden.

den henneschten Deel vum daart zousätzlech mat Hanf emweckelen.



5. Den Dart an d'Schleider kann en wei et engem gefällt moolen, odre mat engem Warmen Eisen brennen.

et gett eng onmass vun Formen wei en sou eng Speerschlaider hierstellen kann. den Internet ass voll mat Biller, an Ideeen dei en kann benotzen.

Mir ass et drems gaang fir eng Einfach Variant ze weisen.

Natierlech kann en och aaner Materialien benotez

Scheissen mat der Sperschlaider







Groussen Merci

Dem Laurent Stoffel firt Fotoen

Dem George an dem Laurent fir den Flotten Daag um Neihaischen wou mer zesummen gebastelt hunn.

Dem Hartmut Albrecht an dem Johann Thinnes fir dei gutt Ideeen an interessant Ureegungen.

Dem Internet fir verschidden Infoen

Quellen: